N°7483
Entrée le 19.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.01.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

Fir eng klimafrëndlech Wirtschaft opzebauen, musse mer vun de fossillen Energien ewechkommen. Dat bedeit och, dass mer fir d'Hëtze vun eise Gebaier vu Gas a Masutt ewechkomme wäerten. Aktuell bitt d'Technologie vun de Wärmepompelen eng gutt Alternativ dozou. A fréiere parlamentaresche Froen (3600 & 6217) gouf schonns drop opmierksam gemaach, dass d'Wärmepompelen awer vill Kaméidi maachen.

An der Äntwert op d'Fro 6217 schreift d'Ministesch, dass de Choix vu Wärmepompele mat geréngе Schallemissioune säit kuerzem e Krittär ass, fir eng Subventioun fir eng nei Wärmepompel (Klimabonus) kënnen ze kréien.

Den Artikel 4 an d'Annexe vum groussherzogleche Reglement vum 7ten Abrëll 2022 gräift heifir op eng Bewäertung an Dezibel zeréck. Dës Bewäertung dréit awer den Ëmstänn net Rechnung, wou a wéi eng Wärmepompel installéiert gëtt. Dofir existéieren aner Krittären, déi zum Beispill mam Modell vum Schallrechner kënne bewäert ginn.

> *Der Schallrechner ermöglicht die Beurteilung der Lärmimmissionen von Luft-Wasser-Wärmepumpen […] im Tagbetrieb zu Zeiten erhöhter Empfindlichkeit und während der Nacht. Mit der Berechnung ist eine Abschätzung der Lärmimmissionen an schutzbedürftigen Räumen (maßgebliche Immissionsorte) auf angrenzenden Grundstücken bzw. die Ermittlung des notwendigen Abstands der Wärmepumpe möglich. […]*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Fannen och bei der Regierung Iwwerleeunge statt, fir an Zukunft de Kaméidi iwwert ee Schallrechner ze bewäerten?
   Falls jo, wou sinn d'Aarbechten drun, wat ass fir Lëtzebuerg geplangt a bis wéini wäert esou ee Modell fir Lëtzebuerg stoen?
   Falls nee, firwat net?

2. D'Ministesch schreift an hirer Äntwert och, dass d'Gemengen eleng Kompetenz hunn, fir de Kaméidi, dee vun den Installatiounen ausgeet, ze reegelen:

*De Kaméidi, dee vun techneschen Equipementer ausgeet, also och dee vu Wärmepompelen, kann duerch Gemengereglementatiounen gereegelt ginn.*

Deemno kann et gutt sinn, dass eng Wärmepompel, déi ee bestëmmte Kaméidis-Wäert iwwerschreit, an enger Gemeng erlaabt ass, an där anerer awer net. Ass d'Regierung hei der Meenung, dass dës Approche déi richteg ass? Falls jo, firwat wëll een net higoen an eenheetlech technesch Reegelen um gesamten Territoire festleeën?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten